Schanzer Fëscherfrënn

Email Weyland N.: weylandn@pt.lu - Email Neumann R.: rene@neumann.lu - Heemsäit : www.sff.lu

Clubinternt Reglement vun den Schanzer Fëscherfrënn. 01.01.2012

Artikel 1

De Joresbäitrag ass 132 Euro.
D' Memberszuel ass op 125 begrenzt,
80 Member fir Schanzer Fëscherfrënn an 45 Member fir den ASV.
Et muss ëmmer Minimum e ganzt Joer am Viraus bezuelt sinn.
De Joresbeitrag ass ëmmer den 1 Abrëll fälleg.
De Betrag fir "Nët-Hëllefen" bei eisen Botzaktiounen oder Organisatiounen ass op 50 Euro fest geluecht, an dat bis zum Alter vu 65 Joer, a gëtt mat der Cotisatioun verrechent.
Et muss een Minimum 2 x am Joer hëllefen.
En eemolegen Bäitrag vun 120 Euro ass beim Antrëtt ze bezuelen.
All Member muss eng Prouf Zäit vun 2 Joer absolvéieren. An deenen 2 Joer gëtt de neie Member nët am Komitee ugeholl, an de Komitee kann d' Memberschaft beim geréngste Mëssfalen ophiewen.
Déi am Viraus bezuelten Cotisatiounen kritt de Member zréck iwwerwisen.
D' Kanner vun den Member däerfen sou laang wéi se studéieren fir näischt fëschen, a kréien vun den Schanzer Fëscherfrënn e Studente Permis. Ass een vun den Memberen hiren Kanner alleng um Weier fir ze fëschen, muss hien sech mat sengem Studente Schäin ausweise kënnen. Kanner bis 16 Joer mussen a Begleedung vun engem Erwuessenen sinn.

Artikel 2

Trëtt e Member aus dem Club, huet hien d' Recht nach esouvill Méint derbäi ze sinn ewéi hien am Viraus bezuelt huet. Ass en trëfftegen Grond fir den Austrëtt do an d' Cotisatioun réischt kierzlech bezuelt, kann de Member, nodeem de Komitee agewëllegt huet, seng Jorescotisatioun zréck iwwerwisen kréien. Den eemolegen Bäitrag vun 120 Euro gëtt nët zréckbezuelt.

Artikel 3

Jiddereen deen e gültegen Permis vun den Schanzer Fëscherfrënn huet, däerf mat Famill , Frënn a Bekannten op de Weier kommen, vun deenen däerf awer nëmmen 1 (een) mat 1 (enger) Aangel fëschen, a muss am Besëtz vum däitschen Permis sinn. Et soll awer net ëmmer dee selwechte sinn dee mat fësche kënnt. Och de Member däerf dann nëmmen mat enger Angel fëschen. Kanner déi mat fëschen zielen nët derzou, mussen awer ab 15 Joer och en däitschen Permis hunn.

Artikel 4

Pro Permis vun den Schanzer Fëscherfrënn sinn 2 (zwou) Aangelen erlaabt.
Dës Aangelen mussen op engem Stand (Plaz - a Reechwäit) leien. Kanner déi mat fëschen zielen nët duerzou. Deejéinegen deen ee mathëlt, däerf nëmmen mat enger Aangel fëschen.

Artikel 5

Nuets fëschen ass verbueden

a. Vum 1. November bis den 31. Mäerz däerf nët gefëscht ginn vun owes 7 Auer bis 7 Auer mueres.
b. Vum 1. Abrëll bis den 31. Oktober däerf nët gefëscht ginn vun owes 11 Auer bis 5 Auer mueres.

Artikel 6

An Däitschland ass d' Fëschen mat gefierften Mueden, gefierften Pinkys a mam gefierften Fudder verbueden.

Artikel 7

D' Fëschen mam liewechen Fësch ass och verbueden.

Artikel 8

Schounzäiten

- Hiecht 15.02 - 30.04
- Zander 01.04 - 31.05
- Stör dat ganzt Joer
- Kazewels **däerf net zréck gesat ginn ! ! !**

Artikel 9

Moossen

- Hiecht 50 cm
- Zander 45 cm
- Schlei 25 cm
- Laangfësch 50 cm
- Kaarp 35 cm

Artikel 10

Mir halen eis un dat saarlännescht Fëschereigesetz.

Artikel 11

Pro Permis däerfen pro Dag 2 Hiecht, oder 2 Zander oder 2 Frellen oder 1 Hiecht an 1 Zander oder 1 Hiecht an 1 Frell, oder 1 Zander an 1 Frell gefaang ginn. All déi aner Fësch sinn nët limitéiert.
Wa festgestallt gëtt, dass iwwerdriwwen vill Routa oder aner Fësch mat Heem geholl ginn, kënnen déi zwee Komiteeën eng Begrenzung festleeën.
Et däerf kee Member sech um Fëschen beräicheren.

Artikel 12

D' Bootsfëscherei ass erlaabt, sollten awer bis ob eemol zevill Booter um Weier leien gëtt dësen Punkt vum Komitee nei bestëmmt. Um Weier leien de Moment dräi privat Booter, dës ginn mam Numm vum Besëtzer vermierkt, a mat enger Ketten mat Nummer Schlass op deeër Plaz déi fir se virgesinn ass ugestréckt.
All Schlass kritt dee selwechten Code an dësen gëtt all Member matgedeelt.
Jiddereen däerf d' Booter benotzen, muss et awer un de Besëtzer oftrieden wann dee kënnt, a muss et nom Fëschen nees op deeër selwechter Plaz ustrécken. D' Booter sinn nët do fir Jux Fahrten ze maachen an däerf och kee Bootsfëscher déi aner Fëscher stéieren.
D' Besëtzer: Kauffmann Carlo, Niederweis Claude a Luc, a Lemmer Roger.

Artikel 13

Campéieren ronderëm de Weier ass nët erlaabt. Een- oder Zweemol Iwwernuechten ass nët campéiert.

Artikel 14

Am Weier schwammen ass verbueden.

Artikel 15

De Schwammverbuet gelt och fir d' Hënn.
Sinn nach aner Fëscher um Weier sinn d' Hënn un der Léngt ze halen.

Artikel 16

All Member ass gebieden de Weier propper ze halen. Wëllt een gebrauchten Saachen, déi een doheem nët méi brauch, mat op de Weier bréngen, muss dat mat de Komiteeën ofgestëmmt ginn. Mir hunn zwou Grillplazen déi jiddereen däerf benotzen a mir wëllen nët dass op all Eck eng nei Feierplaz ugefaang gëtt.

Artikel 17

An der Afaart fir op de Weier ass eng Barrière mat engem Nummer Schlass. Des Barrière muss all Member hannerun sech zou maachen an d’ Schlass nees anhänken, souwuel beim ran- wéi och beim erausfueren.

Artikel 18

Déi zwee Komiteeën kënnen Clubfëschen vun Gaascht Veräiner bei eis um Weier erlaben. D’ Konditiounen fir dëst Fëschen kréien d’ Veräiner am Viraus matgedeelt.

Artikel 19

Verstéisst e Member géint d’ Statuten oder dëst Club internt Reglement, kann de Komitee den Austrëtt beschléissen.

Artikel 20

Eventuell begrënnten Reklamatiounen sinn schréftlech un de President oder un e Komiteesmember ze riichten, fir dass de Komitee eng Entscheedung iwwert de gemellten Problem kann huelen.

Artikel 21

Déi zwee Komiteeën kënnen jidder Zäit Ännerungen um Reglement virhuelen, oder Ausnamen erlaben.

Artikel 22

Dëst Reglement trëtt den 01.01.2012 a Kraaft, annuléiert an ersetzt déi bis zu dësem Datum gülteg Geboter a Reglementer.

De Komitee vun den Schanzer Fëscherfrënn